Artikel Lëtzebuerge Wort vum 01.03.2014

Eeschwëller Chorale: Sange fir e gudden Zweck

D'Eeschwëller Chorale invitéiert jiddereen, dee Spaass um Sangen hott, sich samsdes, de 7. Februar 2015, eleng, zesumme mat Frënn oder geschlossen als Chorale un engem Benefiz-Concert um 20 Auer an der Hal zu Klierf ze bedeeligen. Dëse Concert ass haaptsächlich fir kleng Choralë geduecht, déi d'Méiglichkeet net méi hunn, bei engem gréissere Projet matzemaachen.

Um weltliche Programm sti Wierker ewéi "Ich war noch niemals in New York", "You raise me up", "Vielen Dank
für die Blumen", "Rolling in the Deep", "Wunder gibt es immer wieder", "Über den Wolken" a vill aner bekannte Melodien.

All Chorale, déi geschlossen deelhëllt, prouft d'Lidder an hire respektive Prouwen. Fir all anner Sängerinnen a Sänger sënn d'Prouwe mëttwochs um 19.30 Auer zu Eeschwëller.

Mat dësem Concert gëtt de Projet "Lycée à Dabesma" am Burkina Faso ënnerstëtzt.

http://chorale.eschweiler.lu